N°665
Entrée le 29.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.04.2024

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Den 3ten Oktober 2022 gouf et an der Chamber eng ëffentlech Sëtzung zu der Petitioun n° 2232 "Augmenter la capacité du service existant d'oncologie pédiatrique au Luxembourg", nodeems dës de néidege Seuil vun Ënnerschrëfte kritt huet. Am Kader vun dëser Sëtzung gouf festgehalen, dass d'Servicer an d'Personal vum Service Oncologie Pédiatrique an der Kannerklinik vum CHL sollen ausgebaut ginn.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Goufen déi zousätzlech Dokteren, bei denen deemols ee Mangel festgestallt gi war, antëscht agestallt? Wat ass bis elo beim Ausbau vu sonstegem medezinesche Personal geschitt? Respektiv wat ass den aktuelle Stand an wat ass nach an der Ëmsetzung oder an der Planung?

2. Wat ass bis elo am Ausbau vun der Unzuel vun de Better geschitt respektiv wat ass Stand aktuell nach an der Ëmsetzung oder an der Planung?

3. Ka mëttlerweil och eng Bestralung hei zu Lëtzebuerg ugebuede ginn oder mussen sech d'Kanner a d'Jugendlecher an hir Elteren dofir nach ëmmer an d'Ausland deplacéieren?

4. An der Sëtzung huet d'Ministesch gesot, dass extern Auditte mat dem Institut Gustave Roussy vu Paräis an dem Institut Jules Bordet vu Bréissel ugefrot gi sinn. Goufen dës zwee Auditte scho gemaach?
   - Wa jo, wat ass d'Resultat vun dësen Auditten?
   - Wa nee, wéini sollen dës gemaach ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

GOERGEN Marc
Deputéierten